



Seul le discours prononcé fait foi

## **Fête nationale 2022**

### **Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

#### **Discours du Premier ministre, ministre d'État**

##### **Xavier Bettel**

Altesses Royales,  
Här Chamberpresident,  
Léif Kolleegeen aus der Regierung,  
Dir Dammen an Hären Deputéiert,  
Léif Verrieder vun der Magistratur, dem Staatsrot an der Gemeng,  
Exzellenzen,  
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Fir mech perséinlech steet den Nationalfeierdag an dësem Joer ënnert dem Motto vun der Solidaritéit. "Solidaritéit" ass eent vun deene Wierder, déi oft gesot ginn, déi awer net vill bedeuten, wann een dës Wierder net mat Doten ënnermoolt.

An deene leschten zwee Joer gouf eis Solidaritéit méi wéi eng Kéier op d'Prouf gestallt. Solidaritéit mat eisen eelere a vulnerabele Matbierger. Solidaritéit mat Mënschen, déi vun engem Moment op deen aneren alles verluer hunn. Solidaritéit mat Mënschen, déi et ëmmer méi schwéier hunn, fir Dag fir Dag finanziell iwwer d'Ronnen ze kommen. A Solidaritéit mat deenen nächste Generatiounen, deene mir e Planéit wëllen hannerloossen, op deem et sech op mannst genee sou gutt liewe léisst wéi haut.

Mir hunn als Gesellschaft bewisen, datt mir solidaresch kënne sinn, besonnesch an deenen Zäiten, wou et wierklech drop ukënnt. Dorop kënne mir houfreg sinn. Den Nationalfeierdag ass eng gutt Geleeënheet fir d'Erfolleger ze feieren, déi mir als Land an als Vollek opzeweisen hunn.

Nationalfeierdag ass awer och e Moment, wou mir deene Mënsche gedenken, déi haut net mat eis feiere kënnen. An deene leschten zwee Joer hunn eis vill léif Mënsche fir ëmmer verlooss, well si engem Virus zum Affer gefall sinn, deen eist Liewen déifgräifend verännert huet.

Ech bieden Iech, fir mat mir eng Minutt roueg ze sinn an den Affer vun der Pandemie ze gedenken.

Minute de silence.

Ech soen Iech Merci. Mir dierfen a wäerte si net vergiessen a sinn haut och a Gedanke bei hire Familljen, Frënn a Bekannten.

Genee sou wéineg wäerte mir d'Helde vun dëser Pandemie vergiessen. Nieft enger ganz grousser Majoritéit vun der Populatioun, déi sech virbildlech un d'Reegele gehalten huet, waren dausende Mënschen all Dag fir eis am Asaz, fir datt mir och während der Pandemie e méiglechst normaalt a sécher Liewe konnte féieren. D'Riednerzäit erlaabt et mir net, all dës Leit eenzel z'ernimmen. Dofir wëll ech op dëser Plaz jidderengem Merci soen, deen derzou bäigedroen huet, datt mir dës Pandemie bis elo esou gutt iwwerstanen hunn.

Engem Grupp u Persounen wëll ech awer ganz besonnesch Merci soen. Well ouni si wier dës Pandemie vill méi schlëmm verlaf a mir hätten däitlech méi Affer ze bekloen. Ech schwätze vum Gesondheetspersonal, dat an de leschten zwee Joer Dag an Nuecht fir eis Gesondheet am Asaz war.

Et war mir wichteg, e puer vun dëse Leit, déi Covid-Patiente betreit hunn, op dës Zeremonie z'invitéieren, fir hinnen, stellvertriedend fir all hir Kolleeginnen a Kolleegen, Merci ze soen.

Ech bieden si, kuerz opzestoen, fir datt mir hinne kënne Merci soe fir déi onvirstellbar Leeschtung, déi si déi lescht Méint fir eis erbruecht hunn.

MERCI! Merci fir Ären onermiddlechen Asaz!

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Op Nationalfeierdag feiere mir eis eege Geschicht. Et ass eng Geschicht, déi an de leschte Joerzénge vun Erfolleg, Wuelstand a Fridde gezechent ass. Mee et ass och eng Geschicht, an där mir hu misse fir eis Fräiheet an eis Wäerter kämpfen. Et ass eng Geschicht, déi haut sou aktuell ass, wéi scho laang net méi.

Erlaabt mir, datt ech mat Iech e puer Andréck deelen, déi ech déi lescht Stonnen op menger Visitt an der Ukrain konnt gewannen. Zanter Woche gesi mir an den Noriichte schrecklech Biller iwwert Rakéitenugrëff op Wunnebidder, komplett zerstéiert Uertschaften a Mënschen déi virum Krich flüchten.

Dës Biller schockéieren eis ëmsou méi, well se matten aus Europa stamen. A well si eis un déi eege Vergaangenheet erënneren. Mir fillen eis an däischer Zäite vun eiser Geschicht zréckversat.

Ech konnt mir an de Stied Irpin, Bucha a Borodianka en eegent Bild vum mënschleche Leed maachen, dat déi sënnlos an onvirstellbar Zerstéierung hannerlooss huet. Näischt op dëser Welt kann déi Krichsverbrieche rechtfäerdeg, déi hei verbrach goufen. Onschëlleg Zivilisten, Grousselteren, Elteren an esouguer Kanner goufe kalbliddeg ermort.

D'Trauer an der Ukrain ass omnipresent. Mee d'Trauer gëtt nach iwwertraff vum onzerstéierbare Wëlle vum ukrainesche Vollek, fir hir Fräiheet an Onofhängegkeet ze kämpfen. Ech hat d'Geleeënheet mat villen Ukrainer ze schwätzen. Ech bewonneren hire Courage an hir Determinatioun.

Et sinn dëse Courage an dëse Wëllen, fir déi eege Wäerter ze kämpfen, déi eis op engem Dag wéi haut net egal däerfe sinn.

Mat deem nämmelechte Courage wéi d'Ukrainer haut, hunn sech lëtzebuergesch Resistenzler virun 80 Joer géint de Nazi-Regime gewiert. An och si waren op Hëllef vu baussen ugewisen. Ouni d'Hëllef vun den Alliéierten, wiere mir Lëtzebuurger haut kee fräit an onofhängegt Land.

Et ass dofir eis Flicht, der Ukrain zur Säit ze stoen. Ech hunn virgëschter dem ukrainesche President Selenskyj nach emol eis Ënnerstëtzung zougeséichert. Dat gëllt och fir eng ukrainesch Zukunft an der Europäescher Unioun. Ech wäert no de Feierlechkeeten haut direkt op Bréissel fueren, fir dem Kandidatestatus vun der Ukrain ,ënnert de Konditiounen vun der Kommissioun ,zouzestëmmen. Ech hunn dem ukrainesche President och verséichert, datt Lëtzebuerg alles wäert maachen, fir säi Land op dësem Wee ze begleeden an z'ënnerstëtzen.

D'ukrainescht Vollek wëll en Deel vun engem gëeenten Europa sinn. D'Ukrainer wëllen am Fridden an am Wuelstand liewen. Dëst si Wënsch, déi mir als Lëtzebuurger nëmmen allze gutt kënnen novollzéien. Well mir selwer als Land no engem schreckleche Krich als Deel vun engem staarken Europa Joerzénge mat Fridden a Wuelstand erlieft hunn an nach ëmmer erliewen.

Eng staark a gutt opgestallten Europäesch Unioun ass och haut nach ëmmer eis beschte Chance op eng friddlech an erfollegräich Zukunft. Nëmme wa mir zesummeschaffen, kënnen mir déi grouss Erausforderunge vun eiser Zäit erfollegräich meeschteren. Och a manner schéinen Zäite solle mir mam gudde Beispill virgoen a mam néidegen Optimismus an d'Zukunft blécken.

Well dat, léif Matbiergerinnen a Matbierger, weist eisen Nationalfeierdag ganz kloer: ëmmer dann, wa mir zesammenhalen a solidaresch sinn, geet et eis gutt.

Vive eise Grand-Duc

Vive eis groussherzoglech Famill a

Vive eist Land